CSV
FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Deputéiertechamber**

Lëtzebuerg, den 22. März 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
25 MARS 2019
558

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, des parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister, den Här Medieminister an un den Här Justizminister weiderzeleeden.

Laut Informatiounen aus der Press, zirkuléiert ëmmer méi oft kannerpornografesch Material (Videoen/Fotoen) op de sozialen Netzwierker. D'Police huet an dësem Kontext gewarnt dat een sech strofbar mëscht wann een dëst Material kuckt, an och deelt.

An dësem Kontext wéilt ech folgend Froen stellen:

- Laut Aussoen aus dem Koalitiounsaccord well d'Regierung méi Sensibiliséierungsaarbecht am Beräich vun de sozialen Medien maachen ; « *A l'âge des médias sociaux, il est important que les gens soient conscients qu'Internet ne constitue pas une zone de non-droit. Par conséquent, le projet « Bee secure » sera renforcé et la sensibilisation à ces sujets dans les écoles et les entreprises sera davantage promue.* » Kann d' Regierung eis soen wei eng konkret Mesuren virgesinn ginn, fir souwuel Jugendlecher wei och Erwuessener am Ëmgang mat sozialen Medien ze responsabiliséieren?

- Ass an deem Kontext och virgesinn fir d' Leit ze informéieren wei eng Demarchen se sollen ënnerhuelen wann si mat kannerpornografeschem Material op de sozialen Netzwierker konfrontéiert ginn ?

- Wat fir eng Moyen's hunn mir fir dat esou Material zumindest esou schnell wéi méiglech vun de sozialen Netzwierker kann erofgeholl ginn?

- Hunn mer genuch Personal bei der Police zu Verfügung fir mat Zäiten op esou Material ze reagéieren an et aus dem Verkéier ze zeien?

Mat déiwem Respekt,

Nancy Arendt ép. Kemp
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 3 mai 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 558 de Madame la Députée Nancy Arendt**

**Ad 1)**

BEE SECURE ass eng Initiativ vu verschiddene Ministère an huet als Aufgab d'Bierger, besonnesch awer d'Kanner an déi Jonk, fir e verantwortlechen Ëmgang mat den Informatiounsmedien ze sensibiliséieren. BEE SECURE gëtt koordinéiert vum Service national de la jeunesse (SNJ) vum Éducatiounsministère. Wichteg Partner vu BEE SECURE sinn nieft dem SNJ, de KannerJugendTelefon, Securitymandein.lu, den Economieministère an de Familljeministère.

Ee vun de gréisste Beräicher vun der Aarbecht vu BEE SECURE ass dee vun der Sensibilisatioun:

- Sensibilisatioun vu Kanner a Jugendlech: 2018 goufen 874 Formatiounen, haaptsächlech am Enseignement fondamental an am Enseignement secondaire gehalen, deelweis och a Maisons-relais an a Jugendhaiser
- Sensibilisatioun vun Erwuessenen: 2018 goufen 4 Formatioune fir Seniore, 75 Elterenowender an 24 Formatiounen fir Enseignants gehalen
- Sensibilisatioun vum Grand-public: All Joer gëtt eng nei thematesch Campagne lancéiert. 2017/2018 war d'Thema "Big Data", 2018/2019 war et "Love Stories 4.0". Bei dëse Campagnen gëtt mat ville Partner zesummegeschafft, déi entweder inhaltlech bäidroen oder hëllefen d'Messagen ënnert d'Leit ze bréngen (an der Regel ong. 25 Partner). D 'Messagë ginn iwwer Affichen (ong. 3.000 Affichen), Dépliants (ong. 30.000 Dépliants) an Evenementer (ong. 30 Evenementer, déi genannten Zuelen bezéien sech op déi läscht ofgeschlosse Campagne "Big Data") verbreet. D'Press gräift d'Themen och ëmmer gutt op (2018: 288 Citatiounen, dovun 47 op Radio/TV an 131 an Printmedien)
- Fir déi kleng Kanner gouf speziell den Internetsite www.bee.lu a verschidde Sensibiliséierungsmaterial mat der Figur „Bibi" ausgeschafft.
- De Site www.silver-surfers.lu riicht sech speziell un d'Senioren fir déi och eenzel Dossieren adaptéiert goufen.

Doriwwer eraus huet BEE SECURE, zesumme mat *saferinternet.at* an *klicksafe.de* 2018 eng MOOC-Formatioun organiséiert (MOOC: Massive Online Open Course) un där europawäit iwwer 1.200 Éducateuren an Enseignants deelgeholl hunn.

Publikatiounen sinn e weidere wichtegen Aspekt vun der Sensibiliséierungsaarbecht. Eleng 2018 huet BEE SECURE sechs verschidden thematesch Dossieren zesummegestallt, ee

Guide fir Plainte bei der Police am Beräich Cyber-mobbing ze maachen an ee Guide fir den Ëmgang mam Internet an de Maisons-relais goufen ausgeschafft.

BEE SECURE animéiert och de Portal www.bee-secure.lu wou nieft all den Dossieren an Ratgeber, ganz vill Informatiounen an Tipps a verschiddene Sproochen ze fanne sinn. Op deem Site fënnt een och an der Rubrik „Über BEE SECURE / Jahresberichte“ eng detailléiert Beschreiwung vun allen Aktiounen vu BEE SECURE, déi iwweregens iwwer d’Sensibiliséierung eraus ginn.

**Ad 2)**

BEE SECURE informéiert am Kader vu senge Formatiounen, Evenementer a senger allgemenger Ëffentlechkeetsaarbecht iwwer d’BEE SECURE-Stopline, déi d’Méiglechkeet gëtt anonym a vertraulech illegal Inhalter um Internet ze mellen.

D’Police recommandéiert de Leit, dat Material esou séier ewéi méiglech ze mellen an ze läschen oder d’Police z’informéieren.

**Ad 3)**

D’BEE SECURE-Stopline, www.stopline.bee-secure.lu, ass eng Websäit wou een illegal Inhalter melle kann. Zu illegalen Inhalter gehéieren: kannerpornographescht Material, Rassismus, Revisionismus, Diskriminierung an Terrorismus.

2018 krut BEE SECURE 2.047 URL-ë mat kannerpornographeschen Inhalter gemellt, dovun sinn der 1.728 vun der Stopline-Equipe als illegal agestuuft ginn an un d’Police, respektiv de Parquet weidergeleet ginn.

Dëse Meldungen ginn, an Zesummenaarbecht mat der Police an dem Parquet, op nationalem an internationalem Plang nogaangen. Dobäi gëtt och mat dem internationalen Netzwierk vun den Helplines and Hotlines, dem Netzwierk „Inhope“, kooperéiert. Dëst ass néideg well nët all Säit déi gemellt gëtt an de lëtzebuerger Zoustännegkeetsberäich fält, z.B wann de Serveur, op deem den Inhalt gespäichert ass, nët zu Lëtzebuerg steet.

Dat gemellte Material, wat als illegal agestuuft gouf, gëtt esou méiglechst séier aus dem Netz geholl. D’Zil ass, datt d’Zäit tëscht Astufung als illegal an „Take down“ nët iwwer 24 Stonne laang ass.

D‘Moyenen fir dat Material esou schnell ewéi méiglech vun de soziale Netzwierker erofzehuelen si limitéiert. Eng weltwäit Zesummenaarbecht gëtt an d’Weer geleet, wann esou Material gemellt gëtt. Et gëtt zesumme ma de Provideren vun de verschiddenen Internetsiten gekuckt, fir et erofzehuelen, respektiv ze läschen. Mat eise lëtzebuergeschen Interlocuteuren gëtt an deem Beräich aktiv zesummegeschafft fir zäitno eng Léisung ze fannen.

**Ad 4)**

Generell ass all Polizist duerch de Code de procédure pénale autoriséiert, fir op esou Material ze reagéieren. Speziell awer d'Sectioun "protection de la jeunesse et infractions à caractère sexuel", zesumme mat der Sectioun " nouvelles technologies" vum Service Police judiciaire, ginn an deem Beräich mat der Enquête befaasst.

D'Police versicht, mat deenen Moyenen, déi si zur Verfügung huet, der Evolutioun am Beräich vun den neien Technologien an de soziale Medien Rechnung ze droen.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse